**Corinne Cahen, Deputéiert**

D’Corinne Cahen ass de 16. Mee 1973 zu Lëtzebuerg gebuer. Si ass Mamm vun zwee Meedercher a lieft zesumme mat hirem Liewenspartner a sengen dräi Kanner.

No der Primärschoul zu Bouneweg war si am Stater Kolléisch. Nom Lycée huet d’Corinne Cahen Langues étrangères appliquées (LEA) mat Schwéierpunkt „traduction spécialisée“ op der Université des Sciences humaines zu Stroossbuerg studéiert, wou si 1994 hir Licence (Bachelor) krut. Duerno huet si hire Master an LEA, Sektioun Affaires et commerce, op der Universitéit zu Nice Sophia-Antipolis gemaach. Do huet si sech virun allem fir déi nei Technologien an d'Méiglechkeeten, déi den Internet de Studente bidde kann, interesséiert.

1996 huet si hiren Diplôme d’études supérieures spécialisées (DESS / Master 2) am zweesproochege Journalismus (Franséisch-Englesch) op der Universitéit Paris III / Sorbonne Nouvelle ofgeschloss.

Wärend hire Studien huet d’Corinne Cahen Stagë bei verschiddene Medien zu Lëtzebuerg an a Frankräich gemaach. Vun 1992 un huet si als fräischaffend Journalistin geschafft, fir d’éischt fir RTL Hei Elei an duerno fir Eldoradio an RTL Radio Lëtzebuerg.

Hir professionell Carrière huet si bei der Agence France Presse (AFP) zu Washington D.C., Paräis an Den Haag ugefaangen, éier si als Journalistin, Presentatrice a Reporterin bei RTL Radio Lëtzebuerg geschafft huet.

Am Joer 2000 ass d’Corinne Cahen an de Familljebetrib Chaussures Léon komm, huet awer bis 2006 weider fräiberufflech fir RTL geschafft.

2001 gouf si Member vum Conseil d’administration vum Geschäftsverband vun der Stad Lëtzebuerg, wou si 2007 fir zwee Mandater bis 2012 Presidentin gouf. 2009 gouf si an d’Chambre de commerce gewielt, war Matgrënnerin vun der Fédération de la mode a gouf Member vum Verwaltungsrot vun der Confédération luxembourgeoise du commerce.

Bei de virgezunne Chamberwalen 2013 huet d‘Corinne Cahen fir d'Demokratesch Partei (DP) am Walbezierk Zentrum kandidéiert. Si gouf an d’Chamber gewielt, ass awer no nëmmen dräi Wochen op Ufro vum Formateur Xavier Bettel an d’Regierung Bettel-Schneider-Braz 1 agetrueden. 2018 gouf si erëmgewielt an ass Member vun der Regierung Bettel-Schneider-Braz 2 bliwwen.

Als Familljen-, Integratiouns- a Groussregiounsministerin huet si vill wichteg Reformen a Gesetzer ugestouss, déi d’Land moderniséiert hunn, ënner anerem d’Verbesserung vum Elterecongé, d’Upassung vun de Kannergeldzoulagen, de Congé pour raisons familiales an de Pappecongé. Si huet de REVIS, en Inklusiounsakommes, agefouert fir Persounen, déi wäit vum Aarbechtsmaart ewech sinn, ze aktivéieren an hinnen e Mindestakommes ze garantéieren. Si huet e Gesetz zur Unerkennung vun der däitscher Gebäerdesprooch

op den Instanzewee bruecht an nei Normen a Saache Barrièrëfräiheet fir jiddereen an iwwerall definéiert. Ausserdeem huet si e Gesetz op den Instanzewee bruecht iwwer d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit an huet d'interkulturellt Zesummeliewen ënnerstëtzt, andeems si e Gesetz bruecht huet, dat d'Gemengen dozou ureegt, dëst Zesummeliewen ze färderen.

Am Juni 2023 gouf d'Corinne Cahen zur Schäffin an der Stad Lëtzebuerg gewielt, wou si fir Soziales, Besoins spécifiques, d'Zesummeliewen, déi eeler Leit an de Logement zoustänneg ass. Am Oktober 2023 gouf si an d'Chamber zeréckgewielt, wou si zënter November 2023 Presidentin vun der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a Member an de Kommissioune fir Finanzen, Aarbecht a Petitiounen ass.

D'Corinne Cahen war vun 2015 bis 2022 Presidentin vun der Demokratescher Partei (DP).

**Éierungen**:

- Groussoffizéier vum Zivil- a Militärverdéngschtuerden Adolph vun Nassau (Lëtzebuerg)
- Kommandeur vun der Éierelegioun (Frankräich)
- Grousskräiz vum Uerde Leopold II. (Belsch)
- Uerde vun Oranien-Nassau (Holland)
- Grousskräiz vum Verdéngschtuerden (Portugal)